



Allianz vun Humanisten
Atheisten & Agnostiker

Lëtzebuerg, den 18. Abrëll 2011

Léiw Volleksverriederin, Léiwe Volleksverrieder,

All Mënsch ass fräi, ze denken an ze gleewen, wat hien wëll. Dëst ass e fundamentaalt Standbeen vun eiser Gesellschaft. Gläichzäiteg awer huet sech dës Gesellschaft iwwert d'Joeren verännert a weider entwéckelt, wéi et och eng rezent CEPS-Studie¹ gewisen huet.

D'Verhältnisser tëscht dem Stat an de Reliounsgemeinschaften, wéi se aktuell zu Lëtzebuerg bestinn, riskéiere dofir net méi der gesellschaftlecher Realitéit vun haut ze entsprechen. Aus deem Grond, a well et vill Leit dobaussen intresséiert, Bierger_innen, deenen hir Interessien Dir am Parlament vertritt, **géife mir Iech bidden di 3 allgemeng Froen op der nächster Säit mat Jo oder mat Nee ze beäntweren an eis de Questionnaire virum 6. Mee 2011 zereckzeschécken.**

Dir kënnt eis Är Äntwert iwer Email (info@aha.lu) oder per Post schécken (86, Kohlenberg, L-1870 Luxembourg). D'Äntwerten publizéiere mir op eisem Internet-Site ënnert www.aha.lu.

Mir soen Iech villmools Merci fir Är Kooperatioun!

Dr. Laurent SCHLEY
President

Manuel HUSS
Generalsekretär

Taina BOFFERDING
Vize-Presidentin

¹ CEPS 2011 : Religions au Luxembourg. Quelle évolution entre 1999-2008 ? Url : <http://www.ceps.lu/pdf/3/art1616.pdf>



Allianz vun Humanisten
Atheisten & Agnostiker

AHA-Sondage 2011 bei de Lëtzebuenger Volleksvertrieder/innen

Ären Numm:

1) Sidd Dir der Meenung, datt an der Fro no de finanzielle Verhältnisser tëscht Stat a Reliounsgemeinschafte prinzipiell e Reformbedarf besteet?

Jo *Nee*

2) Sidd Dir der Meenung, datt déi eenzel Biergerin an den eenzelne Bierger selwer sollt bestëmme kennen, ob si/hien Reliounsgemeinschafte finanzéiert oder net?

Jo *Nee*

3) Sidd Dir der Meenung, datt d'Schüler_innen an den öffentleche Schoulen onofhängeg vun de reliéisen Iwwerzeegung vum hiren Elteren all zesummen eng eenheetlech a weltanschaullech neutral Wäertevermëttlung genéissee sollen?

Jo *Nee*

Datum :

Ennerschrëft :